PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

U mech sinn Informatiounen erugedroe ginn, dass Fräiwëlleger vum *Corps Grand-ducal d'Incendie et de Secours* de Weekend wärend engem Asaz vun der Police iwwerpréift gi wieren. Mengen Informatiounen no, hunn déi Fräiwëlleg de Beamten hier Badgë gewisen, d'Policebeamten hunn awer nach zousätzlech beim 112 nogefrot op d'Zentral Kenntnis vun dësem Asaz hätt. Esou eng Kontroll kascht zousätzlech Zäit, Zäit déi am Fall vun engem Asaz een entscheedenden Ënnerscheed ka maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister Kenntnis iwwert esou Kontrollen ?

2. Wéi eng Uweisungen huet d'Police am Fall, wou si Fräiwëlleger vum Groupe vum *Corps Grand-ducal d'Incendie et de Secours* kontrolléieren ?

3. Wat solle Léit, déi tëscht 23 Auer owes a 6 Auer moies wéinst hirer Aarbecht ënnerwee si, fir Pabeiere mat sech féiere, fir dass Kontrollen esou effektiv a séier wéi méiglech kënne gemaach ginn?
   Ginn am Ministère Formulairen zu dësem Zweck ausgeschafft?
   Falls jo, wéini sinn dës Formularen ze erwaarden?

4. Wéi vill Kontrolle sinn am Kader vun der Ausgangsspär dëse Weekend gemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député